



MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Stéphanie Empain), Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen (par M. Roberto Traversini), Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 9.7358 - Projet de loi portant modification de la loi du 16 décembre 2011 concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques ainsi que la classification, l'étiquetage et l'emballage des substances et mélanges chimiques

Mir kommen elo zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, dem Projet de loi 7358, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'chemesch Substanzen. D'Riedezäit ass och nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Paul Galles, den Här Max Hahn, den Här Georges Engel, den Här Fernand Kartheiser, den Här David Wagner an den Här Marc Goergen.

D'Wuert huet erëm eng Kéier den honorabelen Här François Benoy als Rapporteur vum Projet.

**Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Energie et de l'Aménagement du territoire**

► **M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, chemesch Substanze kënnen gëfteg, ätzend a ganz geféierlech sinn. Si ginn net nëmmen an industrielle Prozesser gebraucht, mä si sinn och omnipräsent an eisem Alldag a sinn zum Beispill a ville Botzmëttelen, déi een am Supermarché kafe kann, a Faarwen, Kleeder an esou weider.

Aus deem Grond a fir d'Mënschen an d'Ëmwelt ze schützen brauche mir och streng Virschrëften an effikass Kontrolle fir d'chemesch Produiten, déi am Émlaf sinn. An deem Sënn ännert de Gesetzesprojet 7358 d'Gesetz aus dem Joer 2011 iwwert d'Enregistréierung, d'Evaluatioun an d'Autorisatioun vu chemesche Substanze grad ewéi d'Klassifikatioun, den Etiquetage an den Emballage vu chemesche Substanzen a Gemëscher.

D'Ëmweltministesch huet de Gesetzesprojet de 17. September zejoert an der Chamber deposéiert an d'Ëmweltkommissioun huet sech dem Text an den Avisen de 15. Februar ugehall. De Rapport gouf den 20. März guttgeheescht. D'Basis vum Gesetz sinn zwee europäesch Texter, näamlech d'CLP-Reglement iwwert d'Astufung, d'Kennzeichnung an d'Verpäckung vu chemesche Substanzen a Gemëscher an d'REACH-Reglement, dat d'mënschlech Gesondheet an d'Ëmwelt virun de Riske vun de Chemikalie schützen soll.

REACH huet Prozeduren etabléiert, fir d'Propriétéiten an d'Gefore vu Chemikalien ze etabléieren. Fir dem Reglement gerecht ze ginn, mussen Firmaen zum Beispill chemesch Substanzen, mat deene se schaffen, registréieren an der europäescher Chemikalienagence weisen, dass dës Substanzen op eng sécher Aart a Weis kënnen genotzt ginn. Doriwwer eraus sollen d'Déiereversich doduerch reduzéiert ginn.

Am Kader vun der Applikatioun vum REACH stelle sech praktesch a juristesche Problemer, déi mir mat deem Gesetz upassen, fir e gudden Fonctionnement vum Contrôle vun de chemesche Substanzen ze garantéieren.

Fir den Text méi liesbar ze maachen, gëtt en Opérateur économique agefouert. Ënnert dese Begrëff falen allegueren d'Akteuren an der Verdeelungskette vu chemesche Produiten, vum Fabrikant iwwert den Importateur an den Distributeur bis bei de Verkeefer.

Fir méi effikass géint d'Violatioun vu verschiddenen europäeschen Dispositiounen virzegoen, zum Beispill wat den Etiquetage oder d'Verpa-

ckung vu Chemikalien ugeet oder wat d'Ausliwwerung vun Informatiounen am Kader vun der Marchésivverwaachung ugeet, ginn administrativ Amendes heifir festgeluecht.

D'administrativ Mesuren, déi den zoustännegen Minister am Kader vu senge Kontrollen huele kann, ginn och ausgeweit. A wéi och scho bei deene Gesetzter virdru ginn et hei Changementer bei der Formation an zum Deel och bei dem Accès, fir de Contrôle ze maachen. An ebe fir dës Kontrollen méi effikass ze maachen, ginn och d'Zort vun den Informatiounen an d'Dokumenten, déi während Kontrollen ugefrot kënnen ginn, ausgebaut.

Am Gesetz, wat mir iwwerschaffen, war d'Kategorisation oft ze strikt a wichteg Dokumenter sinn doduerch net an de Champ d'application gefall.

A sengem Avis vum 15. Februar vun deem Joer huet de Statsrot eng Opposition formelle gemaach weinst juristescher Inkohärenz, där Rechnung gedroe gouf. D'Chambre de Commerce approuvéiert an hirem Avis de Gesetzesprojet an d'Handwierkerkummer huet keng weider Observatiounen ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen an eisem Alldag, bewusst oder onbewusst, permanent mat chemesche Substanzen a Kontakt. Dës Substanze kënnen eng grouss Gefor fir d'Ëmwelt an d'mënschlech Gesondheet duerstellen. Dofir ass et och immens wichtig, dass hir Enregistréierung, d'Evaluatioun, d'Autorisation grad ewéi hir Klassifikatioun, hiren Etiquetage an den Emballage gutt funktionéieren. Dese gudden Fonctionnement gëtt mat deem Gesetzesprojet assuréiert.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat och den Accord vun der grénge Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Benoy. Als éischte Riedner ass erëm eng Kéier den honorabelen Här Paul Galles agedroen. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

► **Une voix**.- Gitt lech e bësse Méi!

**Discussion générale**

► **M. Paul Galles** (CSV).- Sou, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem honorabelen Deputéierte François Benoy nach eng Kéier Merci fir säi gudden mënschlechen, mëndlechen ...

(**Brouhaha général**)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Mënschlechen!

► **M. Paul Galles** (CSV).- Dat ass awer e Freudsche Verspreecher. ... säi gudden mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Mat deem Gesetzesprojet geet et doréms, fir d'Gesetz vum 16. Dezember 2011 zu Enregistrement, Evaluation, Autorisation vu chemesche Substanzen, also REACH, genausou wéi d'Klassifikatioun, den Etiquetage an Emballage vu chemesche Substanzen a Mëschungen, ofgekierzt CLP, ze verbesseren a verschidde Problemer, déi mer bei der praktescher Ëmsetzung vum Text gesinn hunn, ze behiewen. Dat sinn also déi zwou europäesch Chemikalieneveruerdnungen. Dës Problemer waren nottamment bei der Ëmsetzung vum Paquet REACH ze erkennen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Haaptobjektiv bei deem Gesetzesprojet ass et, fir d'Moyenne vun de Kontrollen auszeweiden grad ewéi och déi méiglech Sanktiounen an administrativ Mesuren, déi am Fall vun enger Infraktioun kënnen ausgeschwat ginn. An inspiréiert gouf sech dobäi un deem Gesetz zur Reorganisation vum ILNAS. Dës Zousätz begrësse mer natierlech och, well esou eng besser Applikatioun vum europäesche Recht méiglech ass. Insgesamt si Kontrolle méi einfach duerchféieren an administrativ Hürde konnten aus dem Text geholl ginn, wat gutt ass. Vu dass mer der Meenung sinn, dass eng gutt an effikass Kontroll vun dese chemesche Substanzen wichtig ass, si mer natierlech en faveur vun dese Vereinfachungen. Et muss ee sech ëmmer virun Aen halen, wéi ee Schued dës chemesch Substanze kënnen verursaachen, an dat net nëmmen fir de Mënsch, mä och fir eis Ëmwelt, déi eis ganz staark um Häerz läit. Genau dowéinst sollen d'Kontrollméiglechkeeten esou gutt ausgeschafft wéi méiglech sinn. An dat sollt mat deem Text elo besser geléngen.

Domat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt nach eng Kéier daitlech, wéi interessant a wichteg dee Contenu ass, ëm deen et eigentlech bei dësen technesche Froe geet. Dat hate mer scho virdru bei de Biozide gesinn, déi awer eng besonnesch Opmierksamkeit verdéngen opgrond vun hirem Geféegkeet an dofir eng eege Gesetzgebung kréien. Well se a grousser Quantitéit produzéiert ginn an och an d'Ëmwelt geroden, brauche se eng besonnesch Risikobewäertung.

Mä och den Ëmgang mat deenen heite betrafene Chemikalien ass immens interessant. D'Wëssenschaft evolueert. Et fënnt een ëmmer erëm Neies an et ginn och nei besonnesch besuergneserreegend Stoffe fonnt an et sinn dofir och ëmmer erëm nei a méi Firmen dervu betraff. An hei spillt de Prinzip vun der Subsidiaritéit. D'Firme kréien de Ball an de Fouss a solle sech këmmen, dass Stoffe, déi vun hirem Grondeegenschaft hier geféierlech sinn, esou verpaakt a benotzt ginn, dass se bei kenger Uwendung geféierlech ginn. De Risiko gëtt vu Risikoausschëss bewäert. An da gëtt et Autorisatione fir e puer Joer parallel zu enger Sich no Alternativen. D'ëffentlech Hand mécht während där Zäit Stéchprouwen.

A wat och nach interessant ass: Et gëtt fir besonnesch besuergneserreegend Stoffe, Gemëscher a Produiten eng Informationspflicht vun der Industrie vis-à-vis vum Consommateur innerhalb vun der Liwwerketten. Leider besteet nach de Problem, dass vill Verbraucher näischt vun hirem Recht wëssen a vill Firmen näischt vun hirem Pflicht. A well et eng ganz spannend a komplex Matière ass, géllt och hei: „All Gesetz ass just esou gutt wéi seng Kontroll.“

Genau wéi d'Chambre de Commerce et an hirem Avis schreift, stelle mir eis d'Fro, firwat et bei de Sanktiounen vun Infraktiounen keng Harmoniséierung vun den eenzelne Strofen am Ëmweltberäich gëtt. Sou gëtt et beispillsweis Differenzen tëschent deem Projet an deem zu de Biozide vun elo just.

Dass eis Kritik weinst de Formationen wierklech wesentlech ass, gëtt och hei besonnesch daitlech. Wie kontrolléiert, muss déi néideg Instrumenter an d'Hand kréien, dat néidegt Wëssen, egal ob Fonctionnaire oder Employé oder wat fir e Statut och ëmmer. Et wär jo zum Beispill erstaunlech, wann d'Douane, huele mer als Beispill, net extra Formationen géif kréien zu Chemikalien, déi um Findel ukommen, an zwar vun externer Beroder, déi net selwer d'Contrôleure sinn. A wat fir d'Douane gutt ass, muss och fir all déi aner gutt sinn. Do geet et dann ëm Formales, zum Beispill, dass d'Dateblatt richteg ausgefëllt ass, an ëm Inhaltlech.

D'europäesch Chemikalienagence, déi hire Sëtz zu Helsinki huet, definéiert regelméisseg sougenannt Enforcement Projeten: Wärend enger bestëmmter Zäit gi bestëmmten Aspekter a bestëmmte Länner kontrolléiert. Dat brauch natierlech eng zilgeriicht a speziell Formation. Mir sinn dofir géint dës Ännerung, well mer der Meenung sinn, dass d'Qualitéit vum Contrôle dorénnereit leit.

An elo, Här Di Bartolomeo, hutt Dir erëm gläich Aren Azaz! Natierlech si mer am Fond fir dese Projet - natierlech! -, mä weinst dem Problem mat de Formationen mussen mer eis leider enthalten.

Ech soen lech villmools Merci.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Galles. Zweeten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Max Hahn** (DP).- Merci, Här President, fir d'Drëtt dann. Ech géif dem Rapporteur dann nach eng Kéier Merci soe fir säin explizitte mëndlechen a schrëftleche Rapport. An och géif ech heimat dann den Accord vun der Demokratescher Partei ginn.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Hahn. An dann datselwecht fir den honorabelen Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Genau. Merci dem Rapporteur. An den Accord vun der LSAP.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engel. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, ech hunn och dat Gefill, mech heiansdo missen ze widerhuelen haut. Mä et ass wierklech alt erëm eng Kéier déiselwecht Situatioun. Hei hu mer e Gesetz, wou d'Strofe verschäerft ginn. Dat steet och explizitt esou dran, datt d'Pouvoiren, och vun der Madamm Minister, renforcéiert ginn, fir Strofen ze huelen.

An dann ass awer erstaunlecherweis déi Argumentatioun, firwat déi Formationen net gi gëtt, net déi, déi den Här Back ginn huet oder anerer, fir ze soen: „Dat ass souwiesou de Fall a jiddweree weess gutt Bescheid.“ Et steet explizitt dran: « Ceci est notamment dû à la difficulté de trouver des formateurs. » Dat heescht, mir maachen hei en Ofstréch un der Rechtsstaatlechkeet, mat deem awer wierklech extrem schwachen Argument, datt ee keng Formateure fënn!

Dofir verstitt Der, datt mer, esou sympathesch eis den Inhalt vum Gesetz u sech ass, awer dat hei net kënnen matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser. An da wier et um honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här President, bis repetita, mir wäerten dese Projet de loi mat ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. Als leschte Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Marc Goergen.

► **M. Marc Goergen** (Piraten).- An och an der drëtter Ronn, mir géifen, vun der Iddi gären, d'Gesetz ënnerstëtzen, mä ginn eis net zefridde mat de Kontrollen. An deementsprechend wäerte mer eis enthalten.

(**Brouhaha général**)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen. An da wier et un der Regierung. D'Madamm Ëmweltministesch, d'Madamm Carole Dieschbourg.

**Prise de position du Gouvernement**

► **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* - Ma ech soen dann nach eng Kéier Merci fir de Rapport, souwuel de schrëftleche wéi de mëndlechen. Mir ass et wichtig, dass d'Leit um Terrain sinn. D'Douane an d'AEV maache vill Saachen an där Hisiicht zesummen. A Formationen ginn och an där Hisiicht net ofgeschaaft. Et ass, d'Spezialisten um Terrain kennen hir Texter. A mir schwätzen hei vun OPlen. Ech mengen, dass dat genuch Erklärung ass.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Ministesch. D'Diskussion ass ofgeschlossen.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7358. Den Text steet am Document parlementaire 7358<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7358 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschlossen.

De Projet de loi 7358 ass mat 33 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen an 23 Enthaltungen ugehall.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Yves Cruchten), Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. Roberto Traversini), Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen (par M. François Benoy), Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Claude Wiseler), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sëtzung vun haut ukomm. D'Chamber kennt muer nees um zwou Auer zesummen. A mir fänken u mat deenen zwee Brexit-Projeten, d'Projet-de-loien Nummer 7412 a 7426.

D'Sëtzung ass opgehewen.

(**La séance publique est levée à 18.20 heures.**)